# BabyPLUS zu Nidderaanwen: Individuell Ënnerstëtzung fir zukünfteg a jonk Elteren



Zanter Juli 2024 bitt d'Gemeng Nidderaanwen hire Biergerinnen a Bierger, an Zesummenaarbecht mat der Initiativ Liewensufank, de Service BabyPLUS un. Dëst gratis Begleedungsangebot riicht sech u zukünfteg a jonk Elteren, fir si an enger grad esou wonnerbarer wéi intensiver Liewensphas ze ënnerstëtzen: der Arrivée vun engem Kand.

D'Zil vu BabyPLUS ass et, Famillen eng individuell an op hir Besoinen ofgestëmmte Begleedung virun an no der Gebuert unzebidden. Duerch Hausvisitten, Telefonsgespréicher, Videokonferenzen oder d'Vermëttlung u spezialiséiert Fachpersoune kréien d'Eltere konkret Äntwerten op hir Froen an eng kompetent Ënnerstëtzung wärend all Etapp.

## En encouragéierend éischt komplett Joer

No engem erfollegräiche Start am zweeten Hallefjoer 2024 war 2025 dat éischt komplett Joer vu BabyPLUS zu Nidderaanwen. Zanter der Aféierung an der Gemeng hunn am Ganzen 22 Famillen d'Offer genotzt: 9 Famillen am Joer 2024 an 13 Famillen am Joer 2025.

Nieft der Zuel vun de Famillen, déi matgemaach hunn, ass virun allem d'Intensitéit vun der Begleedung bemierkenswäert. Am Joer 2025 hunn d'Beroderinne vu BabyPLUS 59 Kontakter mat Famillen duerchgefouert, am Verglach zu 34 Kontakter an de leschte sechs Méint vum Joer 2024.

D'Häerzstéck vun der Offer sinn d'Hausvisitten. Si erméiglechen et, vill Froen ëm den Alldag mat engem Puppelchen an engem vertrauen a berouegenden Ëmfeld ze beschwätzen. Ergänzt ginn dës Treffen, wann néideg, duerch Telefonsgespréicher, Videokonferenzen oder Rendez-vouse mat spezialiséierte Fachpersounen.

Zu den Themen, déi vun de Famillen am heefegsten ugeschwat goufen, gehéiere Suergen an Onsécherheeten am Zesummenhang mam neie Liewensabschnitt, de Schlof vum Puppelchen, d'Ernärung, de Besoin, iwwer d'Erfarungen als Elteren ze schwätzen, souwéi praktesch Froen, ewéi d'Sich no enger Betreiungsstruktur.




Well esou schéin d'Gebuert vun engem Kand och ass, kann si och Doutten an Onsécherheete mat sech bréngen. D'Familljeliewe verännert sech grondsätzlech, d'Verantwortung wiisst a vill Froen tauchen op. An dësem Kontext kann d'Begleedung duerch eng erfuere Fachpersoun d'Eltere berouegen an hinnen hëllefen, Vertrauen an hir nei Roll ze gewannen.

D'Gefill vu Suerg an Onsécherheet ass dacks präsent. D'Arrivée vun engem Neigebuerenen stellt de gewinnten Alldag oft op d'Kopp. Vill jonk Eltere gesi sech op eemol mat enger ganzer Rei vu Froen konfrontéiert. D'Beroderinne vu BabyPLUS hëllefen dobäi, dës Suergen anzeschätzen, an erméiglechen et den Elteren, hire Puppelchen an enger méi entspaanter Atmosphär ze begréissen.

Themen, déi bei den Hausvisitten am meeschte beschwat goufen:

- Onsécherheet/Suergen: 7 Familllen
- Schlof vum Puppelchen: 5 Famillen
- Ernärung vum Puppelchen: 3 Famillen
- Groussen Austauschbedarf: 2 Famillen
- Psycheschen/mentale Stress: 2 Famillen
- Crèche: 2 Famillen



## Wann eng Begleedung den Ënnerscheed mécht: Den Temoignage vun enger Famill



Fir de Méiwäert vu BabyPLUS besser ze verstoen, hu mir eng Famill aus der Gemeng getraff, déi d'Offer an Usproch geholl huet.

D'Eltere sinn iwwer d'Gemengeblat an den Internetsite vun der Gemeng op de Service opmierksam ginn. Schonn beim éischte Kontakt ass e Gefill vu Vertrauen entstanen.

*„Den éischte Kontakt war ganz berouegend a ganz hëllefräich, schonn nach virun der Gebuert vun eisem Kand", erzielen si.*

Besonnesch appreciéiert gouf d'Kontinuitéit vun der Betreiung. Wärend der ganzer Begleedung stoung der Famill déi selwecht Bezuchspersoun zur Säit.

*„Mir haten d'Chance, wärend der ganzer Begleedung vun där selwechter Persoun betreit ze ginn. Doduerch konnte mir eng richteg Vertrauensrelatioun opbauen. Mir woussten, datt mir all Fro stelle konnten, ouni jugéiert ze ginn, an datt mir hire Rotschléi vertraue konnten."*



Iwwert eng Period vu bal véierzéng Méint, virun an no der Gebuert, krut d'Famill eng individuell op hir Besoinen ofgestëmmte Begleedung. Nieft praktesche Rotschléi fungéiert BabyPLUS och als Vermëttlungsstell zu weidere Fachpersounen, wa méi spezifesch Froen optauchen.

*„Wann et néideg war, huet eis Uspriechpartnerin eis u qualifizéiert Spezialiste weidervermëttelt. Mir ware sécher, datt si eis am Fall vun engem Besoin hëllefe géif, déi kompetentst Persoun ze fannen. Dës Qualitéit vum Reseau war fir eis immens berouegend."*

Zu de ville Sujeten, déi beschwat goufen, huet ënner anerem eng Schwieregkeet bei der Ernärung vum Puppelchen gehéiert.

*„Eise Puppelche wollt keng Mëllech aus der Fläsch drénken. Duerch d'Erfarung vun eiser Bezuchspersoun hu mir e Fläschjemodell fonnt, dee perfekt funktionéiert huet. Dës Léisung hu mir duerno esouguer e puer Frënn recommandéiert, déi mat där selwechter Situatioun konfrontéiert waren."*

D'Eltere betounen och d'Bedeitung vun den Hausvisitten, déi et erméiglechen, konkret Alldagssituatiounen anzeschätzen an individuell Äntwerten ze ginn.

*„De Service BabyPLUS huet et eis erméiglecht, dësen neie Liewensofschnëtt vill méi geloossen ze erliewen. D'Hausvisitten hunn eis vill Froen beäntwert an eis Sécherheet ginn. Awer nach méi wichteg wéi d'Rotschléi war d'Wëssen, datt eng vertrauenswierdeg, kompetent an erfuere Persoun un eiser Säit war. Dat huet den entscheedenden Ënnerscheed gemaach."*

Fir dës Famill ass BabyPLUS vill méi ewéi nëmmen en Informatiounsdéngscht. D'Eltere sinn iwwerzeegt, datt d'Begleedung vu Famillen an den éischte Liewensméint vun engem Kand eng wäertvoll Investitioun an d'Zukunft duerstellt.

**Eng Offer, déi nach méi bekannt gemaach soll ginn**

D'Erfarunge vun den éischten zwee Joer weisen, datt vill Famille vun däser noer Ënnerstëtzung profitéiere kënnen. Si weisen och, wéi wichteg et ass, zukünfteg Eltere reegelméisseg iwwer d'Existenz vum Programm ze informéieren.

D'Gemeng Nidderaanwen engagéiert sech weider konsequent fir d'Präventioun an d'Ënnerstëtzung am Beräich vum Familljeliewen. Mat BabyPLUS steet Famillen eng zouverlässeg Uspriechpersoun zur Verfügung, déi si begleet, hinnen nolauschtert an si wärend den éischte Liewensméint vun hirem Kand ënnerstëtzt.

Et ass och wichteg ze betounen, datt BabyPLUS sech net ausschliisslech u Famillen a besonnesche Schwieregkeete riicht. De Programm steet allen zukünftegen a jonken Elteren op, déi sech eng Begleedung, Sécherheet oder einfach eng professionell Uspriechpersoun wënschen, déi hir Froen beäntwert. Ob et ëm Onsécherheete wärend der Schwangerschaft, d'Ernärung, de Schlof vum Puppelchen oder d'Ëmstellung op dat neit Familljeliewe geet: All Situatioun verdéngt en oppent Ouer an eng op d'Besoinen ofgestëmmten Ënnerstëtzung.

Interesséiert Famille kënnen de Service BabyPLUS op verschidde Manéiere kontaktéieren:

→ iwwert de Online-Formulaire op der Internetsäit vun der Gemeng

→ per E-Mail u babyplus@liewensufank.lu

→ duerch d'Hannerloosse vun engem Message um Répondeur ënnert **36 05 97 30**

Duerno hëlt eng Beroderin Kontakt mat der Famill op, fir en éischt Gespréich ze arrangéieren an eng passend Begleedung virzeschloen.

Mir soen der Famill Wilmes-Viegas villmools Merci fir däsen Temoignage, souwéi fir d'Bereetstelle vun de Fotoen, déi hir Erfarunge mam BabyPLUS-Programm illustréieren.